N°7544
Entrée le 02.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Réponse du ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire à la question parlementaire n° 7544 de Monsieur le Député Sven Clement**

**Ad. 1**

Den 31. Dezember 2022 stoungen 91 Persoune mam Statut vum 'salarié handicapé' an enger Orientatioun 'atelier protégé' op enger Waardelëscht fir eng Aarbecht an engem Atelier protégé ze kréien. Hei muss ee bemierken, dass verschidde Persounen op méi ewéi enger Waardelëscht stinn.

**Ad. 2**

D'Waardezäit esou ewéi och d'Admissioun an en Atelier protégé, hänkt ganz vum Gestionnaire vum Atelier of. Et ass de Gestionnaire deen décidéiert wéini hee wéieng Persoun wëllt astellen.

**Ad. 3**

D'Persoun ass fräi sech bei deem Atelier protégé ze mellen dee si wëllt. Et ass de Gestionnaire vum Atelier deen d'Admissiounscritèren an d'Profiller vun senge Poste festleet.

**Ad. 4**

Jo, de Gestionnaire vun engem Atelier kann och eng Persoun net astellen, am Fall wou dës zum Beispill net den Admissiounscritèrë vum Gestionnaire entsprécht.

**Ad. 5**

Dëst ass net gesetzlech festgeluecht.

**Ad. 6**

De Gestionnaire vum Atelier protégé ass de rechtlechen Aarbechtsgeber vum Travailleur handicapé an ass domadder och haftbar wann dëse sech op der Aarbecht verletzt.

**Ad. 7**

An deene leschten 10 Joer ass et zu 184 Aarbechtsaccidenter an den Ateliere komm.

| Joer | Aarbechtsaccidenter |
|---|---|
| 2013 | 24 |
| 2014 | 24 |
| 2015 | 30 |
| 2016 | 21 |
| 2017 | 12 |
| 2018 | 22 |
| 2019 | 18 |
| 2020 | 11 |
| 2021 | 10 |
| 2022 | 12 |
| **Total** | **184** |

Source : AAA

Luxembourg, le 2 mars 2023

**(s.) Georges ENGEL**
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**